LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIN 2019

Luxembourg, le 07 JUIN 2019

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.687.19

Objet : Question parlementaire n°686

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

Gemeinsam Äntwert vum Verdeedegungsminister a vum Gesondheetsminister, den Häre François Bausch an Étienne Schneider, op d'parlamentaresch Fro Nummer 686 vum 13. Mee vun den honorabelen Deputéierte Jean-Marie Halsdorf a Georges Mischo

De Regierungsrot vum 28. September 2018 huet d'Direction de la Défense gefrot explorativ an exklusiv Gespréicher mat dem Centre hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) opzehuelen, fir d'detailléiert Modalitéite vun enger Infrastrukturpartnerschaft auszeschaffen, am Kader vun der Ëmsetzung vun engem *projet de médicine militaire et de catastrophe*.

De Regierungsprogramm vun Dezember 2018 gesäit vir, dass d'Ëmsetze vum Konzept vun der Militärmedezin mat deem am nationale Gesondheetssecteur identifizéierte Partner weidergefouert gëtt. Zu deem Zweck ginn d'Kontakter mam CHEM weidergefouert. Sou huet d'Direction de la Défense d'Vertrieder vun der Direktioun vum CHEM am Mäerz 2019 getraff. Bei där Geleeënheet hu béid Säite gemeinsam beschloss, hier Zesummenaarbecht duerch eng Absichtserklärung (Memoire d'entente) ze besigelen, där hier Redaktioun am Gaang ass finaliséiert ze ginn.

Trotz der Komplexitéit vum Projet, verlafen d'Beméiunge fir d'Ëmsetze wéi geplangt.